Eng Wëldbréck... vir 2024 ?

Wann der dëser Deeg tëschent Suessem a Käerjeng ënnerwee waart, sinn iech bestëmmt déi blo Markéierungen um Rand vun der Strooss uewen op der Kopp opgefall.

D'BIGS huet sech informéiert: hei bahnt sech eng Trickserei vun der Ponts&Chaussées unn.

D'Strooss soll bis ënnen an d'Kéier ënnert der Eisebunnslinn em e puer Meter ofgesenkt ginn. Firwat? Natierlech fir domat d'Contournements-Bréck ze preparéieren déi virun der Gare riit iwwer déi aktuell Strooss soll goen. Dat ganzt ass e gréissere Chantier deen iwwer 3 Joer dauere wäert an de ganze Verkéier op laang Zäit lahmleeë wert.

Fir dat awer „ekologesch" begrënnen ze kënnen, ass dat ganzt un eng nei Wëldbréck uewen op der Kopp gebonnen a vum Projet Contournement lassgeléist ginn als „Projet Wëldbréck". Den ass ouni weider Ëmweltevaluatioun vum Emweltministère genehmigt ginn, obschonn en 7.245 m2 Bësch, Biotopen, Wunnuerten vu geschützten Déirenaarten futti mécht, d.h. op enger Fläch déi bei wäitem de Besoin vun enger Wëldbréck iwwersteigt, déi eréischt am Mee 2024 soll gebaut ginn, fréitstens zesumme mam Contournement.

Eisen Affekot ass an d'Bild gesaat ginn. De Chantier ka net vum Projet Contournement lassgeléist ginn, vun dem en en Deel ass. D'NATURA-2000-Zone an e puer Déierenarten sinn direkt betraff.

De Projet CR110 muss duerfir zréckgezu ginn!

Ausschnëtt aus dem Dossier

Abb. 1-1: Planungsareal (rote Umrandung) zum Bau einer Wildbrücke und Anpassung der CR11O; die orange-markierten Bereiche stellen Flächen dar, deren Biotope, für das Vorhaben zerstört werden müssen. Da es allerdings noch keine konkrete Planung nach Beendigung des Bauvorhabens gibt; hier ist ggf. eine *in situ* Kompensation möglich.